

Commission du vivre-ensemble interculturel vum

23/10/2024

Presenzen

Présent	Absent
Brandenburger Rosie	Block Stefanie (oofgemëllt)
De Rocco Magali	Fernandez Samantha (oofgemëllt)
Kinnen Sandrine	
Leurart Ann	
Peiffer Véronique	
Pinto Toni	
Ruppert Lydie	
Sadler Marie (Sekretärin)	
Ungeheuer – Origer Sylvia	

1. Soirée de bienvenue

Fir dës Versammlung konnt kee vum Schäfferot dobäi sinn, mee de Ben BAUS huet sech kuerz iwwer Telephon dobäi geschalt. D'Véronique hat am Virus schonn e Rendez-vous mam Schäfferot fir iwwer d'soirée de bienvenue fir déi néi Awunner ze schwätzen. Dës fënnt den 21.11.2024 an der Koll zu Brouch statt. Et wier gutt wa puer Léit vun der Kommissioun do wieren, fir am Service (Gedrénks) ze hëllefen. D'Soirée fänkt um 19 :00 un, mee mir solle scho kuerz virdrun do sinn. Véronique deelt eis déi genau Auerzäit nach mat. Mir kréien Autocollante mat eisen Numm. Déi aner Clibb kruten eng Mail falls si Interessi hätten hire Club op der soirée de bienvenue virstellen.

De Schäfferot léist eis de Kaddo fir déi néi Awunner eraus wielen. Mir hunn e Budget vun 30€. Mir hunn entscheet dass mir Waasserfläsche wäerte maache mam Logo vun der Gemeng drop. D'Véronique gëtt dëst dem Tanja weider.

D'Iddi ass opkomm op mir d'Asti solle froe fir sech em d'Iwwersetzung ze këmmere, fir déi Léit déi kee letzeboiech verstinn.

2. Pakt fir Zesummeliewen

D'Magali freet bei enger Persoun déi sech em de Pakt vum Zesummeliewe këmmert, dass dës Persoun de Projet eng Kéier an eng Versammlung virstelle kënn. Hei wier et gutt wann 1-2 Persoune vum Schaffen an/oder Gemengerot och

un der Versammlung géingen deelhuele. Soubal mir een Datum hunn, géinge mir dësen dem Schäffen- a Gemengerot matdeelen.

3. Stäre - Chrëschtmaart

Zum Zäitpunkt vun der Versammlung stoung nach keen Datum vum Chrëschtmaart fest. Mir waren eis als Kommissioun eens, dass mir d'Aktioun mat de Stären dëst Joer nees wéilte maachen. D'Magali hellt Kontakt mat de Strukture vun HUT (Marienthal) a Croix-Rouge (Beschdref) op an hëlt eis dann um Lafenden.

4. Nächst Versammlung:

13/11/2024: 19:30